Nº 8 12te Februar I942

# De "Freie" Lötzeburger

Mir wölle bleiwe wât mir sin

Telefon : Nº 12-34 Telegramadr. : Deflö

Nationalistescht Oppositio'nsblad

erschéngt regelme'sseg onregelme'sseg

Verantwortleche Redacter : Déngens Dömmy Verwaltong : Prisong am Grond

Direct Verbindongen o'ni Drot mat London, New-York a Moscau

C. W. C. 2. G. M. BG 192

*So' secher we' ons d'Bierger wénken*
*könnt d'Freihêtssonn èn Dag ons blénken*

## ---- Dem Hitler seng Reserven ----

Dûrch de' ongeheier vill Do'deger, Erfrûerener, Blesse'erter, o'ni ze schwätzen vun déne vill Gefângenen de' de Russen an d'Gräpp gefall sin, sin an der deitscher Front gro'ss Lächer entstânen, an den Hitler wês elo net me' wo' en d'Reserve soll hierhûelen. We' reimt dât mat sengem Geschnöss, de Russ wir geschloen a könnt sech net me' erhîewen ? A Wirkleshkêt ass d'Sâch ömgeke'ert, et sin net d'Russen ma d'Preisen de' hallef futti sin. Kê Generol wor amstand dât ze errêchen, wat den Hitler vun him verlângt hûet, dûerfir hûet hîen der eso'vill ofgesat a sech selwer, den I9-I2-4I, als "Oberbefehlshaber" ernannt. (Et wor och nömmen op de' Mane'er dat hîen ernannt konnt gin). Zönterhîer gêt et ower net besser, d'Preise dre'e Moscau, Leningrad a Rostow de Réck, verfluchen de russesche Generol "Wanter" an hun nömme me' è Wonsch : "Heim ins Reich". Den Hitler ower wöllt d'Spill nach net opgin, sicht 3 Miljo'ne Mann nei Reserven opzetrompen, o'ni de' hîen d'Klöppele bei d'Tromm misst léen. Wûer gêt hîen de' Reserve sichen ? Ne'erens anescht we' önner dem Beamtepersonal.

An onsem Land sin z.B.preisesch Douanjéen, de' ere'scht vru kûrzer Zeit mat hirer Familjen heihi si komm, agezu gin. Preisesch Professeren, de' gemengt haten bis un d'Enn vum Krich ro'eg op hirer Plätzchen ze bleiwen, hun och missen dru glêwen. Ville Beamten aus déne verschiddene preisesche Verwaltongen gong et net besser, och sie mussen den Tornöster dron.

Et handelt sech elei öm Mânner töschent 30 a 40 Jor, de' sech bestömmt net erward haten, hir Wakanz a Russland mussen ze verbréngen. All de' Männer, dénen et do'dsecher un dém ne'dege Feier félt sech fir hiren neien "unfehlbaren Oberbefehlshaber" erfre'eren oder murksen ze lossen, mussen elo dûrch âl Männer an dûrch.....Kanner vu I6 Jor ersat gin. Wann èn eso' weit ass, da gêt geschwönn der Mösch de Schwanz aus.

Ze bemîerken ass, dat de' e'scht Reserven onst Land den 23-I-42 verloss hun, d.h. op onser Gro'ssherzogin hirem Geburtsdag.

Wirklech e gutt Zêchen !

---

Lîest a verbrêd "De Freie Lötzeburger "

---

## --- Nazional-Sozialistesch Ofkîrzongen ---

Onsem Abonnent I3I8 KK aus der Minettsgegend gi mir hei d'Explikatio'nen vun den ons gefroten Ofkîrzongen :

| | | |
|---|---|---|
| A O K | bedeit | Abgemagerte Offiziers-Kinder |
| B D M | " | Bund Deutscher Meuchelmörder |
| D A F | " | Deutsch-Amerikanischer Freundschaftsbund |

K W O bedeit Kupfer- & Wolle Opferung
N S F " Notdürftige Serbische Freiheitskämpfer
N S V " Nazional-Sozialistische Votivbilder
R A D " Rabbiner Ausser Dienst

All des Bezêchnongen, we' all de' mir schons bekannt gin hun, sin offiziell. Mir bîeden ons Lîeser sie auswenneg ze le'eren.

---

### --- Fir ons nei Abonnenten ---

De "Freie" Lötzeburger bleiwt
e Blad dât nömmen d'Wo'recht schreiwt,
dât gûer net wês wat ass "Zensur",
dem Gustaf Simon mécht keng Cour,
dât schle't den Nol rîcht op de Kapp
an dém nach kês ass gâng den Dapp.
Den Déngens Dömmy ass dèr kên
dèn haut sét "jo", dè mûer sét "nên",
dèn haut ass "schwârz", dè mûer ass "ro'd",
we' dât so' hetgesdags de Mo'd.
Hîe bleiwt der Wo'recht ömmer trei,
danzt net nom Hitler senger Gei,
dêt stolz seng patriotesch Flicht,
op Judasgelder hîe verzicht.
Kê Wonner och dat haut onst Blad
zu Oelwen ass, zu Mondorf-Bad,
zu Bre'ssel, Nanzeg a Pareis.
Mir hu kên Abonnentepreis.
Ons Lîeser, dât verstêt sech lîcht,
ons ho'freg halen an der Rîcht.
Kê sét : 't ass Krich, 't ass ârme Jang.
Fir ons hun s'ömmer nach I Frang.

Pe'p

---

### --- Lötzeburger schwätzt lötzeburgesch ---

No der Ofstömmong vun IOten Oktober I94I hu 95 % vun de Lötzeburger behâpt, hir Sprôch wir lötzeburgesch an net deitsch. Stolz sin a bleiwe mir op dè Referendum, wo' onst Vollék dem Preiss de Kapp gehalen hûet. A Wirklechkêt ass ons Sprôch, so' we' sie hetgesdags geschwat göt, net me' e rengt lötzeburgesch, ma èn Dialekt vermöscht mat deitschen a franse'sche Wîerder. Doru sin d'Gre'sst vum Land a seng geographesch Situatio'n dêlweis schold. Nömmen an onsen Dîerfer ass d'Sprôch me' oder we'neger nach de', we' sie vrun IOO Jor geschwat ass gin. Mir wöllen hei net önnersichen wo'rop dât zréckzefe'eren ass, ma onse Lîeser un d'Hîerz léen kê frîemd Wûert ze gebrauchen, fir dât e lötzeburgescht bestêt. Dat ons Sprôch net eso' arem ass we' vill et mengen, ass me' we' èmol behapt a bewise gin. Mat e bös'che guddem Wöllen könnt gidfer Lötzeburger seng Sprôch vun importe'erte Wîerder seiberen. Mir gin îech hei ettlech frîem Wîerder un, de' èn dagdéglech kann he'eren, an dernîewt de' richteg lötzeburgesch Wîerder, de' è soll gebrauchen :

| Sot net | Sot | Sot net | Sot |
|---|---|---|---|
| anstatt | amplâtz | gleich | gângs (ènzook) |
| barfo'ss | barbes | haut den Owend | zanzem |
| bedre'en | beluxen | Loyer | Hauszöns |
| Bretellen | Halsen | Mo'nd | Lîcht |
| Cafetière | Kaffisbîtz | mötten | matzen |
| Comptoir | Te'k | niddergeschlon | dreisch |
| dreckeche Preiss | knaschtege Preiss | nur | nömmen |
| drelech | bossech | öft | dacks |
| Efâlt | Dabo | plötzlech | stönterlech |
| erschrecken | erfe'eren | prächteg | dol |
| Februar | Spirkel | quîesch | schâks |
| gedöllech | gedâm | schnell | se'er |
| Geissel | Schmack | seit | zönter |
| geizeg | geierech | Steieren | Schätzéngen |

Belgian War Press

C.W.O. II C.Z.C.

| Sot net | Sot | Sot net | Sot |
|---|---|---|---|
| Geschäft | Buték | werfen | geheien |
| göscht den Owend | nîechter | wond | e'meg |

An dèr Wîerder könnte mir îech honnerte nennen. Grad hetgesdags, wo' de Preiss ons all Minutt önner d'Nûes reiwt mir wiren deitsch, musse mir him beweisen dat et net wo'er ass. Gebraucht echt lötzeburgesch Wîerder, an dir wärd gesin dat de Preiss Me' hûet ons ze verston. Echt lötzeburgesch schwätzen ass èn "acte de sabotage" we' en aneren.

Vergîesst och net dat d'Sprôch d'Se'l vun engem Vollék ass, an dat e Vollék kê Recht me' hûet ze beston, wann et seng Sprôch opget;

Lötzeburger, donkt èr Flicht, schwätzt lötzéburgesch !

Helleft dem "Freie" Lötzeburger, an dir helleft îech selwer

## --- "Einheit" vu vir bis hannen ---

An onser N° I hu mir îech matgedêlt, dat am Preissland d' "Einheitsdo'delûed" agefo'ert ass gin. Op dèn leie System vu Köschten mat Begêschterong ugeholl ass gin, wösse mir net. Mir wössen och net op en Hackenkreiz drop ass oder net. Secher ass op jidde Fall, dat keng Köscht bannewenneg me' we' I,80 m lâng dûerf ze sin. Wann èn Do'degen me' lâng ass, da get hîen an d'Köscht gedréckt so' gutt we' et gêt. Virschröft ass Virschröft.

Mûencherè vun îech wärd sech gesot hun, wann de Preiss eppes neies afe'ert, da muss et dach praktesch sin an da könnt et och secher bei ons op. Averstânen, ma önner dèr Bedéngong dat "de' aner" him Zeit derzo' lossen.

An der Zwöschenzeit ass d' "Vereinheitlichung" nês e Schrött me' weit gâng. Wösst dir wat de Preiss elo agefo'ert hûet ? Einheitshîemer (fir Dammen). Lâcht net, mir hun et selwer am "Angriff" gelîes. A wûerfir de' "Einheitshîemer" ? Hei ass wat den "Angriff" geschriwen hûet : d'Fabrikatio'n vun Hîemer an alle Gre'ssten kascht me' deier a verlângt vill me' Zeit we' eng Fabrikatio'n no Normen. An dûerfir dûerf a Krichszeiten kê Geld a keng Zeit verbötzelt gin. A we' dacks ass et virkomm, dat eng Dämmchen sech en Hîem kûft hûet no hirer Gre'sst, an dat et sech beim Umîessen oder no der e'schter Wäsch als ze kûrz erwisen hûet. Dât muss ophe'eren.

So'weit den " Angriff ".

Mir wössen nach net we' lâng oder we' kûrz de' nei Dammenhîemer musse gin, ma mir ge'wen eppes drem, emol e "Gretchen" an engem "Einheitshîem" ze gesin. A wat muss d'Mamm le'w sin an engem Hîem vun hirer Dûechter, oder ömgeke'ert.

Einheitshîemer fir Hären sollen och agefo'ert gin. "Von gut unterrichteter Seite" ass ons gesot gin, de' nei Mânshîemer missten hannen me' kûrz sin we' vir - O freck !

Nên, de' Preise sin net do'dzeschlon.

Helleft dem "Freie" Lötzeburger, an dir helleft îech selwer

## --- Verdeitscht Familjenîem ---

An onser N° 6 hu mir îech eng Opstellong gin vu verdeitschte Familjenîem. Mir gin îech hei eng Löscht vun anere Nîem, de' de' viregt Woch geännertan offiziell unerkannt si gin :

| Alen Nûem | Neien Nûem | Alen Nûem | Neien Nûem |
|---|---|---|---|
| Barblé | Stachel | Laval | Schluck |
| Bourgeois | Bürger | Lovêque | Bischof |
| Brisbois | Brechhölzer | Lascombes | Laustopf |

| Alen Nûem | Neien Nûem | Alen Nûem | Neien Nûem |
|---|---|---|---|
| Capus | Kabes | Mousel | Mosel |
| Colbach | Kragenbach | Obertin | Obertinnes |
| Colbert | Kohlbart | Pigeon | Tauber |
| Colling | Kollinger | Piron | Biren |
| Dervaux | Kalb | Riveaux | Riefenthal |
| Fraiture | Freitor | Roche | Fels |
| Gaspard | Geisbart | Watry | Wasserklos |
| Houdremont | Huderberg | Wercollier | Wehrkragen |
| Lacroix | Kreuzer | | |

Mir weisen drop hin, dat nömme me' de' nei Nîem gebraucht dûerfen ze gin.

---

En dè sein Hêmechtsland verre'd
dè kritt seng Strof, fre' oder spe't.

---

--- Löschtegen Eck ---

Eng Geschicht vum Ginze Gre't

D'Gre't sötzt vrun der Dir d'Gromperen ze schëlen. Sie geseit en deitschen Zaldot vun Haus zu Haus gon an denkt : Wo'mat könnt dè knaschtege Kêrel d'Leid nês embête'eren ? Hei könnt den Zaldot och bei d'Gre't eriwer a sét :"Mütterchen, morgen ist der Gebutstag unseres Führers. Bitte die Hackenkreuzfahne auszustecken".

"Hei elei", äntwert d'Gre't, "ass mûer dem Führer sei Geburtsdag ? Nên, wat en Zo'fall, eis Sau ass op dè selwegten Dag gebûer a sie hêscht "Adolphine".

Eng aus dem E'sléck

En deitschen Zaldot ko'm am E'sleck an e Bauerenhaus an, we' dât da gong, d'Gespre'ch ko'm op de Krich an op de Führer. Den Zaldot wor verwonnert ne'erens de Portrait vum Führer ze gesin a sot zer Frâ : "Meine liebe Frau, wie kommt das dass Ihr Zimmer nicht mit dem Bildnisse unseres Führers geschmückt ist ?"

Frâ : Wat soll äch domat mâchen? Merr hoan nach zevill dés Krom hei hänken .

Zaldot : Vergessen Sie nicht, dass es Eure Pflicht ist. Bei uns in Deutschland ist nicht ein Haus zu finden, wo nicht des Führers Bild an einen Ehrenplatze prangt.

Frâ : Derr könnt jo mâche we' derr wöllt. An iwerhapt, merr sen hei néck an Deitschland. Losst äch dât gesot.

Zaldot : Seitdem Luxemburg von uns besetzt ist seid Ihr Deutsche, und das werdet Ihr bleiben. Ich bringe Ihnen ein hübsches Bild und bitte Sie es, wie gesagt, an einen Ehrenplatz zu hängen.

Frâ : Gutt, wann dât äch Plese'er mecht.

Dèn aneren Dag ko'm den Zaldot erem mat engem gro'sse Portrait a sot zer Frâ :"Bitte schön ! Hier ist das versprochene Bildnis. Hoffentlich wird es morgen seinen Platz haben". - Dorop gong den Zaldot senger Wé.

D'Frâ dûecht dè Kêrel wir amstand sie unzeesch..... a sie hänkt d'Bild an der Kichen iwer de Wâsserstên.

Den Dag derno kohm de Preiss erem a frot nom Bild. "Hei, kommt kucken, heibannen hänkt et. Ass et gutt eso' ?"

Den Zaldot hûet gro'ss Ae gemâcht a sot : "Nanu, das ist doch unser Führer nicht, er gleicht sich doch gar nicht mehr".

"Dât ka sen", äntwert d'Frâ. "Ma wann derr eso' dack d'Spullomp op d'Schnöss kritt hätt we' dèn do, da ge'ft derr äch och néck me' gleichen".

---

So' gro'ss och ass den Honger, d'No't,
beileiwen îesst kê preisescht Bro'd.

---

N° 7 vun onsem Blad ass zu Kockelscheier gedréckt gin.

---